

Luxembourg, le 12 Juin 1970

Le'w Komerôdinnen a Komerôden,
Le'we Sympathisant vun den «Enrôlés de Force»,

An der Assemblée extraordinaire vum 30. Mê 1970 zu Dummeldéng, hun eis Delege'ert mat iwerwältender Majorite't beschloss, den 23. Juni, op eisem National-Feierdäg, d'uerch eng gro'ss Démonstratio'n eiser Regierung an eise Parteien ze beweisen, dass mir nach ëmmer d'Réalisatio'n vun eise Revendicatio'nen f'uerderen.

Hei k'uerz, ëm wât et g'êht :

1. Diskriminatio'n vun den Zwangsrekrute'erten am Lëtzeb'uerger Krichsschiedegesetz **muss verschwannen !**
2. D'rechtlech Unerkennung vun eisem Lo'h'nau'sfal, no déne vun ei's opgestaltene Grondsätz.

Au's patriotësche Grënn an als gudd Lëtzeb'uerger Staatsbierger, iwerl'osse mir et eiser Regierung, de' ei's geschëllte Gelder an dém Moment au'szebez'uehlen, wo' et hier me'glech ass.

Dât verl'angen «Ons Jongen» z'enter 20 J'ôer. Dât verl'angen d'«Enrôlés de Force» seit iwer 10 J'ôer.

An dât verl'ange mir nach haut !

Mir mengen, all verst'annege M'ensch misst mat d'ëser F'uerderung d'accord sin. De Misère best'êht doranner, dass eis Regierungen dât bis elo net w'aren an och weider nach net sin.

Le'w Komerôdinnen a Komerôden,

Et ass elo un lech an u soss kengem, eis Regierung z'iwerz'êgen, dass mir eng gerecht Cause verteidegen.

Et ass un lech, fir mat Elan dém allerleschten, dé guddes W'ëll ass, kl'ôer ze mâchen, dass d'ës Ongerechtegk'êt, an engem Lëtzeb'uerger Gesetz onbedéngt verschwanne muss.

Fir d'Zwangsrekrute'ert ass dât bestehend Krichsschiedegesetz e Schl'ag an d'Gesicht a fir all **Lëtzebuenger eng Sch'ân**, well et g'ët jo b'âl keng Familie hei am Land, déer net en Zwangsrekrute'erten ugehe'ert oder ugehe'ert h'uet.

E ganz ferventen Appel r'ichte mir un eis Komerôden, de' bis elo, eg'âl au's wât fir Grënn, n'ët un enger vun eisen Démonstratio'nen d'êlgeholl hun.

Sie d'ârfen d'ës Ke'er net fehlen !

O'ni Ennersch'êd, op Stand, religie's a polit'esch Zogehe'regk'êt, w'ëlle mir eso' zesummenst'ôen we' am Krich. L'ôsst lech net d'uerch fadenscheineg

Verspréchen oder Bedenken am leschte Moment vun eiser Démonstratio'n ôfhâlen.

Dér Verspréchen krûte mir elo 20 Jôer gemâch. Mir lÛssen ei's net nach weider bedre'en. Mâcht dass eis Démonstratio'n zu engem Erfolleg fe'ert.

Et hânt un lech — kén därf fehlen !

Mir sin ei's bewosst, dass d'Présence bei eiser Manifestatio'n, fir dén ên oder dén âner en Affer bedeit, siew et dass hien âner Verpflichtungen misst nogôen oder soss eppes vir hât. Mir mengen eis Plâtz ass dén Dâg an der Stâdt bei eise Komerôden, fir eis Komerôden.

Beweist, dass op d'manst mir nach solidarësch sin.

Düerfir kommt all an d'Stâdt. Jidderên soll seng Famille matbringen. Mat Frâ a Kand, Mamm a Papp a jidderengem, dé Sympathie fir d'«Enrôlés de Force» hûet, wëlle mir den 23. Juni eis Onzefriddenhêt zum Au'sdrock bringen. Jidderên ass wëllkëmm.

Le'w Komerôden, denkt un de' au's eise Reihen, de' net me' hêm kom sin. Mir sin iwerzêgt, si ge'wen ei's Recht.

Bis den 23. Juni mat déne komerôdschaftlechste Gre'ss.

fir de Comité Central

Jos. Weirich

Hei dé virläfege Programm :

1. Rassemblement vu 15.30 bis 16.00 Auer op der Fo'erplatz, Glacis-Kapell.
2. Départ vum Cortège op d'Place d'Armes ëm 16.00 Auer.

Hei oftrennen an dém zo'stânnege Sectio'nscomité direkt zo'stellen



Numm

Virnumm

Adresse

D'Komerôdin _____

De Komerôd _____

De Sympathisant _____

erklärt sech d'accord, un der Protestactio'n dëlzehûelen.

Ech fûehre mat êgenem Wôn

Ech hun nach _____ Plâtze(e) frei' !

Ech fûehre mat dem Autobus _____

Reserve'ert mir _____ Plâtz(en)

Départ vum Autocar ëm _____ Auer, op / bei _____

Zo'treffendes au'sfëllen, ënner- cder au'sstrei'chen.